ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. September 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister weiderzeleeden.

Am Deontologiecodex vun der Regierung steet ënner anerem dës Dispositioun:

> «Les membres du Gouvernement doivent veiller à ce qu'aucun conflit d'intérêt susceptible de porter atteinte à leur indépendance ne survienne entre leurs fonctions publiques et leurs intérêts privés, financiers ou autres. »

An deem Zësummenhank wollt ech dem Här Staatsminister dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit den Här Staatsminister de Fait, datt Fotoen opdauchen, op deene verschidde Ministere schénge Reklamm fir e bestëmmte Geschäft, rezent e Schonggeschäft, ze maachen? Op enger vun deene Fotoen ass eng Ministesch ze gesinn, déi enk Bezéiungen zu dem Schonggeschäft huet. Gesäit den Här Staatsminister do en deontologesche Problem a kann hien seng Positioun erklären?
2. Verschidde Ministere sinn zoustänneg fir Autorisatiounen auszestellen, z.B. och fir Bauaarbechten am Ëmweltschutz, fir Waffeschäiner an esou virun. Wéi sinn d'Reegele wann e Minister selwer esou eng Autorisatioun fir sech, e Member vun der Famill, e Liewenspartner oder eng aner Persoun, déi hir besonnesch nosteet brauch oder gefrot gëtt? Wéi eng Ministeren hunn zënter 2014 eng Autorisatioun ausgestallt, vun där si selwer direkt oder indirekt betraff waren, z.B. bei Bauprojeten, Bauaarbechten un hirem Haus oder Infrastrukturen, un deenen si direkt oder indirekt bedeelegt sinn oder am Ëmweltschutz? Kann den Här Staatsminister der Chamber d'Opzielung vun deenen Autorisatiounen zoukomme loossen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten